



D'Coronamathematik bleibt optimistisch

Et gesäit aus wéi wa mer an dësen Deeg mat de Coronavirus-Neinfektiounen d'Kéier géife kréien. Ganz intresséiert liest een dat och am Update vun der COVID-19 Task Force vum 5. November. Am Lieserbréif mam Resultat vun enger Rechnung mam logistesche Sigmoidmodell wor dat nach eng Prognos. Eng Spëtz vum de 7-Deeg-Inzidenzen op 100000 Awunner sollt et ëm de 5. November ginn. D'Infektiounswäerter vum Oktober inkl. 1. November wore mat der Funktioun $f(t) = \frac{a}{e^{-b(t-t_H)} + 1}$ opgeholl an hypothetesch extrapoléiert ginn. Hei ass t d'Zäitvariabel an a , b , an t_H Parameteren, déi sou bestëmmt ginn, datt d'Funktiounswäerter op déi publizéiert Infektiounswäerter passen.

<https://www.rtl.lu/meenung/lieserbreiwer/a/1606090.html>

Wéi falsch oder wéi richtig d'Hypothes wor, seet engem déi rezent Entwécklung. Hei dofir nach eng Kéier d'Bild bis 1. Nov. an eng neit Bild mat Resultater vun demselwechte Modell mat Date bis haut.



Déi blo Kurv ass fir d'Infektiounswäerter an déi rout ass fir d' 7-Deeg-Inzidenzen. D'Date si mat Kreesser duergestallt an d'Resultater no der Bestëmmung vun de Funktiounsparemetere mat Punkten.

Eng Woch méi spéit elo gesäit een, datt déi kumuléiert Infektiounswäerter schonn aus dem lineare Verlaf rausginn. De konstanten Zouwuess, op héijem Niveau, ass am Gaang lues ofzehuele, wéi et déi rout Kurv fir d'7-Deeg-Inzidenze weist. Den héchste Punkt ass iwwerschrott. Net richtig bäi der Virausso wor den Inzidenzwäert op deem héchste Punkt. Deen ass elo méi wéi 100 Fäll méi niddreg, wéi virun enger Woch fonnt, mat Infektiounswäerter bis knapps an de lineare Beräich eran. Den Trend hat ganz gutt gestëmmt. Coronamathematesch geet et biergof a mat der Situatioun biergop.

René Koch, 8.11.2020